# Trudchen

CHROSCHTSTECK an 2 AKTEN

(r.S.C.P.)

Perso'nen

| | | |
|---|---|---|
| Dali | Kaschtfra | Finni |
| Mali ) | | Gret |
| Liette) | hir Kanner | Trin |
| Jimy ) | | Lis |
| Jetty ) | | E reichen Här |
| Trudchen | e Wésekand | Edelmut, eng reich Dam |
| Loni | Gouvernante | Lina, hir Gesellschafterin |
| | | 4 Bo'wen |

Fritzi )
Rinchen ) Prönzekanner
Tilly )

D'Mamm als verklärte Gestalt

2 Engelen

- - - - - - - - -

1. Akt ...... eng Stuff

2. Akt ..... eng Strôs.

- - - - - - - - - -

1. Akt ------ 1. Scen.

Trudchen: (kennt er-an Haut sin ech eröm emol fro'h no langer, langer Zeit. Mir haten e sche'ne Chröschtbemchen an der Scho'l a gro'ss Päck stongen drönner fir de' arm a brav Kanner. Ech mengen, ech krut de' sche'nsten a gre'ssten. Wat ass nömmen alles dran: e wonnerbart Schirteg, e warmt Kled, fest Schong Dat alles,kann ech gudd brauchen, wel ech fre'ren a mengen ale, dönne Kleder.
Hei nach e Buch, an e gude Kuch.
O merci Chröschtköndchen, fir de' wonnersche' Sachen.

2 Scen

Kaschtfra (kent matt hire Kanner eran) Ei, a wat hues du fill Rares hémbruecht! - Weiss! - Dat Schirtech ass vill ze fein fir dech, dat passt fir d'Mali.

Mali: Jo Mama, dat gefällt mir.

Liette: (Ergreift dat waremt Kléd) An ech hät gären dat waremt Kléd.

Mamm: Du hues recht, t'ass warm a sche'n.

Jimmy: A mir wären de' Schong grad gro'ss genug. Mama, göf mir se.

Mamm: Ma gewöss mein Härzchen, ech hät dir misste neier kafen, dann hues du der elo.

Jetty: Mais huelt dir dem arme Kand dann alles? Et ass dach sei Chröschtköndchen aus der Scho'l.

Mamm: Hal de Mond du.- Zum Trudchen passen all de' Sachen net. Hat kann èr al Kléder opzereissen, de' si gut fir hat.

Trudchen: O le'f Madame, hief dach Erbarmen. Ech fre'eren a mengen ale Kléder, sie sin enk, a kurz, an eso' dönn.

Mali: Du kannst dat Buch hei halen, dat wöllt kent vun eis.

Liette: Ech wöll awer e Steck Kuch.

Mamm: Dé gött den Owend gedélt.

Jimmy: Ech muss dat gre'sst Steck kre'en.

Jetty: Nén, dat könnt dem Trudchen zo'. Iwerhapt, hät dir him alles sollen lossen. Et ass abscheilech, dem arme Kand seng Sachen eweg ze huelen. D'Chröschtköndchen kann dat do net sé'nen.

Mamm: Trudchen ka fro'h sin, dass mir hat iwerhapt an d'Haus gehol hun. En aremt Wésekand bekäschtegen ass net licht. - (Zum Trudchen) Nu se'er huel dei Kuerf, ge' dei Kascht fir mar verdengen. A komm den Owend net eröm, bis dei Kuerf eidel an dei Portemonni voll ass. - (zu de Kanner) An dir kommt hurteg bei de warmen Uewen.

Liette: o jo, t'erfre'ert én dobaussen.

Jetty: Mamma, hâl Trudchen haut hei.

Mamm: Hat muss sech sei Kascht fir mar verdengen. Dat hun ech him jo scho gesot, nu mach dech se'er fort.

Trudchen: O le'ff Madame, o sit dach net eso' hart. Hät ech meng Eltren nach, da breicht dir net fir mech ze suergen. Losst mech den Owend hei. Ech sin eso' kal.

Mamm: Mach nömmen dass de fort könns.

(d'Kaschtfra gét matt de Kanner aus)

3 Scen

Trudchen (bleiwt nach e be'schen do) kreischt .-

o, ech aremt Wésekand. So' kann ech stonnelang röm op de Wé stoen fir Kärzen ze verkâfen. An d'Leit gi lasçht, kucke mech emol net. O Mamm, Papa o hölleft erem Trudchen. O le'ft Chröschtköndchen bass du dann net fir mech op d'Welt kom? Schenk mir den Owend vill gut Leit, dass a kurzer Zeit de Kuerf eidel an den Portemonni voll ass, eschter durf ech jo net kommen huet de be's Fra gesot de' mech an hirt Haus opgehol huet. We ass sie awer och eso' hart ge'nt mech an all hir Kanner och. Nömmen dat le'ft Jettchen ass gut zu mir. Ech hun hat awer och extra gär. Chröschköndchen göf dem gude Kand en aparte gude Segen. Mais sén och de' aner all a sén och mech.

---

2 Akt

1. Scen

Strôsebild —— en etlech Bém —— Trudchen mam Kuerf

Trudchen: Mei Kuerf ass schwe'er. Wann elo nömmen hurteg vill Leit kommen.

2. Scen

Loni, Fritzi a Rinchen warm gekléd.

Fritzi: Hu, we' kal ..... ech zidderen un alle Glider.

Rinchen: An ech hun och den Nélchen an de Fangeren. So Loni, si mir bal dohém?

Loni: Jo nach hurteg durch de Bösch an da gesin mir schon op d'Schlas

Tilly: Da sin ech fro .... ech verlangre no der Mama ......

3. Scen.

Trudchen: Ei, do könt Joffer Loni, d'Gouvernante vum Schlass mam Prönz an mat der Prönzesschen ... ech riede s'un.. Gutt Joffer, Kärze fir de Chröschtbemche gefälleg. Kaft mir eng Partie of, ech sin arem.

Loni: A wat denkst du Kand? Mir sin eso' presse'ert an t'ass kal fir d'Prönzekanner.

Trudchen: Och ech si kal. An ech kann net hém goen bis ech mei Kiefchen eidel hun.

Fritzi: Joffer Loni ech wöll e Päckelche Kärzen. Am le'fste gef ech de ganze Kierfchen kafen.

Rinchen: All könne mir se net kafen, mais jidferen vun eis muss dem arme Kand e Pak ofhuälen. Dat mecht am ganzen 4. Ech huelen och der Mama en mat.

Loni: Well dir et wönscht, duerfir huele mir da 5 Päck. (zum Trudchen) A wievill kaschten se?

Trudchen: Sechs Frang de Pack. Dat mecht am ganzen 3o Frang. Am le'fsten ge'f ech se jo wuel schenken, mais ech sin eso' arem.

Fritzi: A kengem Fall sollst du se schenken aremt Kand.

Rindhen: Joffer Loni, göf dem Köndche 5o fr.

Tilly: Ech schenken dir och nacn 2 Äppel. T'sin extra gudder.

Rinchen: A hei eng Tablett Schokola. Au revoir du gutt'le'ft Kand.

Trudchen: O merci villmols. D'Chröschtköndchen soll ech sé'nen.

4 Scen.

Trudchen: Ei, ke'me vill so' fröndlech Kanner da wär geschwönn mei Kierfchen eidel. Ech he're schwätzen ... drei Dammen ... De' schengen opgeregt ze sin .... Da wärd ech wuel ké Gleck hun .....

5 Scen

Finni: Et muss en d'Polizei gleich awerte'eren. Ech son et jo, an eiser grosser Strôss ass kengem enzegen ze trauen. De' eng si verlugen, de' aner ....

Trinn: Dat ass nach alles neischt. Du kennst meng Noper net. Wann ech net an dem Quartier wär ..... et ge'f bestömmt kén e'erbare Mönsch do wunnen.

Gre't: Dir dit mech lachen. Kennt dir de' Kratz dann aus der Sichegas. Nömmen ech ze'en öm, ech kann et net me' hei bei en aushalen.

Liss: O wären d'Leit dach all we' mir, da geng et aneschd op der Welt.

Gre't: Da wär kén Arme me' ze fannen.

Trudchen: Da sin ech fro'h da wärd dir och mir arme Köndchen hellefeb.

Finn: En Héeschekand ..... A wo' kannst du dech önnerston eis unzerieden.

Trudchen: Ech hésche net, ech verkafe Kärzen fir de Chröschtbémchen .. Wel dir eso' gutt sit, kaft dir mir dach secher so' e Päckelchen of.

Trinn: Kuck, dass de fort könns oder mir schecken d'Polizei dir un den Hals ......

Lis: Eso' e lidderegt Steck (of)

6 Scen

Trudchen: Ass dat hir Gutthét vun der se schwätzen ... Wann Leit all wären we' de do .... O mei, do könnt e feinen Här,... dén hölleft secher.

7 Scen

Trudchen: Entschöllegt he'gen Här. Ech sin e Wésekand ... Kaft mir e Päckelchen Kärzen of, wann ech gelifft.

Här vu Valois: O du mein aremt Kand! Hei du meng Mod! An Kärzen kannst du halen.

Trudchen: Merci, Monsieur, Gott sén iech och derfir.
(Trudchen kuckt em no)

8 Scen

Trudchen: Dat ass e feinen Här. Mais ech mengen t'wär Zeit dass ech geng (t'geseit eppes blenken) A wat ass dat? ... E geldent Steck. O wat eng Fréd, o wat e Gleck. Nun ass mir aus der Not gehollef. ...... Ma, ech duerf et net hâlen.... Dat muss é verluer hun, we' ke'm dat Goldsteck soss heihin?

9 Scen

Här (am Hannergrond) So Klengt!

Trudchen: Gelifft feinen Här.

Här: We' ech dir dei Geld elo enschter gin hun, muss mir e Goldsteck hei entfal sin.

Trudchen: Hei ass et Här, et lo'g um Buedem.

Här: Merci mei Kand.
Trudchen: (kreischt) O we schued!
Här: A wurfir kreischt du dann elo, meng Mod?
Trudchen: Dat Goldsteck hätt mir aus aller No't gehollef.
Här: Dann hätst du solle soen du häss neischt fond.
Trudchen: O nén dann hätt ech jo gelun a gestuel,,, Ie'wer Stirwen ass we' le'en a stielen.
Här: Du bass e gut bravt Kand. Hei ass dat Goldsteck et gehe'ert dir.
Trudchen: O merci, merci Här. Dat do belo'nt Chröschtköndchen iech duebel.
Här: Da laf elo hém le'ft Kand et ass scho Nuecht (of)
Trudchen: Ech gin direkt ... ech sin so fro'h ... o merci, merci Herrgott ....

lo Scen

Mät Pir Nic Will

Mät: Ech hu gesin hien huet him e Goldsteck gin.
Trudchen: Ech hun mei Schal vergiess. Hei muss e leien.
Pir: Hei elei,dat Héschekand..
Nic: So göf dat Goldsteck hir.
Trudchen: a kengem Fall .... Ech muss dermat mei Kascht bezuelen.
Will: Göff et eraus
Mät: (schlet dem eng op de Back) d'Goldsteck eraus.
Trudchen: Wat hun ech iech dann zuléds gedon?
Pir: D'geschiet der neischt wanns du eis d'Goldsteck göss.
Trudchen: Nén, nén, dir kritt et net.
(d'Bo'wen iwerfallen et a reissen him Geldsteck aus der Hand. Will hölt d'Äppel an de Schokela)
Zesummen: Aha, mir hun et awer kritt (fort) ha, ha, ha, ha,

11 Scen

Trudchen: (kreischt) Nén eso' kann ech elo net hémgoen. De' be's Kaschtfra vernennt a schle't mech a jet mech fort .... Wuer soll ech nuren goen .... Ech zidderen un alle Glidder... e Gleck dass de' gutt Prönzekanner mir Äppel a Schokela geschenkt hun, soss misst ech elo Honger Leiden ... Ma wo' sin se dann? ... Hun de' frech Bo'wen mir och dat nach geklaut ... O Mama dann hun ech elo neischt me'.
(kreischt) O ech aremt Wésekand (setzt sech ne'er, kreischt)

Trudchen: A we' mitt sin ech, ech muss e bösche raschten

(bied) Schutzengelchen hâl du trei Wuecht
Iwer dein Trudchen an deser Nuecht
Gudde Nuecht le'ft Chröschtköndchen,
denk u mech ; (schle'ft)

12 Scen.

1. Engel: Schlof, le'ft Köndche schlof .... Deng Mamm, de' stét dir bei. a könnt bei dech vum Himmel erof.

13 Scen

Während e Chröschtlidd gesong get, erschengt Mamm am Dram.

Trudchen: O Mammchen, we' sche'n, we' sche'n .... eriwer ass all Suerg a Schmierz ... O schle's dein Truddchen an d'Mammenhierz.

2. Engel: Eriwer ass dein Dram le'ft Kand ...mais t'hält a fe'ert dech d'Mammenhand
(d'Engelen trieden zreck)

14 Scen

<u>Edelmut</u>:(kent eran) O Lina elo ass et mir vill me' lîcht. Um Graf vu mengem Kand hun ech eröm Tro'scht fond.

Lina: A nun awer se'er hém, Madame. Dir gesitt eso' mitt aus.

Edelmut: Du gutt trei Se'l, du denks ömmer nuren u mech. Ech wärd dir eng extra Fréd man, haut um hellgen Owend.

Lina: Merci Madame ... A wat leit do...O Gott en aremt Kand.. en aremt klengt Médchen.

Edelmut: Soll eis Höllef ze spe't kommen?

Lina: (lauschtert op d'Härz, fro'h) né Madame, et ass net ze spe't. Sein Härzchen schle't nach schwach. D'Köndchen schle'ft nömmen.

Edelmut: Le'wt Köndchen erwäch .... we' lacht et eso' se'leg am Schlof.....

Trudchen: O Mama, le'f Mama bleiw bei mir .... Wo' sin ech ....
Wo ass meng Mama? ... O et war blo'ss en Drâm.

Edelmut: Du mei le'ft Kand.....

Trudchen: Wie sit dir?

Edelmut: Och eng Mamm, le'ft Köndchen, we' héschst du dann?

Trudchen: Trudchen.

Edelmut: Trudchen ..... Trudchen ..... Wo' sin deng Elteren dann? A wuerfir schle'fst du dann an der Kält dobaussen?

Trudchen: Ech hu keng Elteren me'. Ech sin bei enger Kaschtfra de' me hart behandelt, ech kann net me' an hirem Haus bleiwen.

Edelmut: Da ge' mat mir, ech wöll deng Mamm an Zukunft sin!

Lina: D'Chröschtköndchen huet eis desen Wé' gesche'ckt, dech le'ft Kand ze fannen.

Edelmut: Dem Chröschtköndchen so mir merci. No langer Zeit hun ech e sche'nen hellegen Owend.

Trudchen: Da wär meng No't jo elo eriwer. Ech hätt eröm eng Mamm, lewen Herrgott? - Zum Dank wöll ech elo gleich dem Chröschtköndchen e sche'nt Lidd sangen.

Edelmut-Lina: Ma gewöss, a mir all sange mat.

Chröschtlidd zum Schluss.

Rideau

---